N° 6211
Reçue le 24.06.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 6211 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup

Ad 1)

De *Leitfaden für geschlechtersensible Darstellung in Sprache & Bild* ass en Dokument, dat sech haaptsächlech un d'Auteure vu Schoulbicher a -materialien am SCRIPT riicht. Et ass deemno keng Virschrëft vum Staat un d'Bierger.

Ad 2)

Ech deelen dem honorabelen Deputéierte seng Aschätzung, datt Fraen a Männer an där Diversitéit sollen duergestallt ginn, wéi se a Wierklechkeet och sinn. Dofir solle Fraen a Schoulbicher net grondsätzlech méi kleng an zierlech duergestallt ginn an op eng stereotypesch sexualiséiert Duerstellung verzicht ginn.

Wat d'Duerstellung vun der weiblecher Broscht ugeet, sou steet am "Leitfaden": *"(...) Die bildliche Darstellung mit expliziten sexuell herausgestellten Attributen (wie großen Brüsten; tiefem Ausschnitt oder kurzen Röcken) vermeiden".*

Ad 3)

Hei goufen am "Leifaden" fir Auteuren vu Schoulmaterialien e puer Beispiller ugefouert, déi verdäitleche sollen, wéi stereotypiséiert Duerstellungen verhënnert kënne ginn : *" (...) Die bildliche Darstellung von Frauen als passiv Zuhörende, (ein Kind) Stillende, zu Männern Aufschauende und Frauen bei der häuslichen Arbeit (am Kochtopf oder beim Putzen) vermeiden"*. Dat heescht natierlech net, datt an engem Léierkontext, an deem et z. B. ëm d'Niere geet, dat net och gewise soll ginn.

Ad 4)

Sou wéi all "Leifaden" am SCRIPT, deen intern gebraucht gëtt, gëtt och dëse "Leitfaden" stänneg weiderentwéckelt.

Lëtzebuerg, de 24. Juni 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH